# D'JOFFER PEIPAMPEL

---

I. D'Joffer Peipampel: é gudd gesât Bauremédchen, teschend 35 - 40 Joer - é wârme, wöllenen Kaseweck, mat enger kurzer gefronzter Jupe. Stark pechschwarz Schong,farweg,wölle Strömp. D'Hoer fest zesumme geknetscht an engem Tuppi uewen op der Kopp. E rôt Schnappech öm de Kapp. Am Arm en almodesche Weidekuerw. Et schwätzt Echternacher oder Woltzer.

2. Coiffeur: é flotte gewichsten Härchen - é klenge schwarze Schnitzelchen, eng deck Krausel op der Stir,d'Hoer ganz pomade'ert, e juppelt a sprengt an engem fort a we'tscht mat der Serve't a schwätzt sovill franze'sch Wirder we' e kann.

3. Madame Coiffeur: ass eng flott fröndlech Madämchen,ganz schick, si ass och Modist, hire Modistesalon ass niewent dem Damesalon.

4. D'Le'ermédchen: D'Joffer Yvette ass é klengt kicklecht Steck.

5. De Cornemuse: ass é klenge stuppechen Arbechter, dé mat der Bonbonnière fiert. En dre't en alen, oft geflechten Overall, an eng fettech Kâp, de Sturz fir an d'Lucht.

D'Szen spillt an engem Damesalon,op der Fenster stét "Chez Figaro". Un der Mauer si Gesteller mat Parfümfläschen,Bartbischten,Kämm,bölleg Bijouen,etc.

---

Coiffeur: (stét bei der Fenster a gapst): Wat ass dat é Misär. Et geseit é gudd, datt et um Enn vum Mont ass. Ké Mönsch me' huet Suen. Hätte mer eröm den E'schten. (D'Yvette stét op enger Träppchen a range'ert an de Gesteller. Op émol fängt hat un ze kickelen a weist zur Fenster eraus)

Yvette: Patron, Patron, kuckt dohanne könnt é Modell.

Coiffeur:(kuckt) We' aus engem Journal: Dernier cri de Paris! (E sprengt op d'Dir lass - D'Joffer Peipampel stolpert un der Schwell a fällt dem Coiffeur an d'Aerm. Mat vill Me' hällt en se' an der Richt.)
O, Madame ,pardon! Mille fois pardon! Dir hutt Iech dach net we' gedôn?

Peipampel:Ma ech sin net eso' piepech. Do woar ech bal op d'Schnö....d'nues gefal.

Coiffeur:Wat ass der Madame gefälleg? Shampoing, Mise en Plis,Ondulation,Permanente,Massage facial, Manicure? (an engem Steck tröppelt en ronderöm d'Joffer Peipampel)

Peipampel:O Här, schwätzt letzeburgesch! Ech kann net eso gudd franze'sch, ich muss e puer Wuert mat iech eleng schwätzen.

Coiffeur: Gewüss Madame,avec plaisir. (Zum Yvette) Yvette,ge' bei d'Madame, an de Modistesalon a sô, si soll de' gro'ss Carto'en vun dénen alen Hutteköschten zesumme mân - de Mann vun der Bonbonnière hölt se herno mat.

Peipampel:(De' sech an dem gro'sse Spigel iwer der Cuvette andächteg mustert, mecht d'Kappduch lass - de klengen Tuppi gött eröm festgedre't a mat Spengelen ugemét)

Coiffeur: Je suis à vous, Madame.
Peipampel: Hein?
Coiffeur: Madame,dir wollt mir eppes uvertrauen, en toute confidence.
Peipampel:T'ass dat hei,Här coiffeur, ech sin d'Joffer Peipampel vu Pampeldall. Ech sin der jengster ként me',ma eso' an déne beschte Joeren.....
Coiffeur: Très bien, Joffer, naturellement.
Peipampel:(verschimt, gene'ert) An ech sin nickt bestoat.
Coiffeur: Certainement, Joffer, certainement.
Peipampel:An ech hoan eng Heiratsanzeig fo'nt an eiser Wochenzeddong (kromt am Kuerf a weist en Ziedel) Liest selwer, Här Coiffeur.
Coiffeur: Beamte sucht besseres Fräulein vom Lande kennen zu lernen durch Briefwechsel, zwecks späterer Heirat....
Peipampel:An on de Nummer 3407 hoan ech geschriw, ech hoan em alles gesot: ech wir engt gro'sst Stôtsmönsh mat engem Baurewiesen - mëscht Schweinszucht - t'muss jo nickt all Bauer Pérd a Ke' hoan. Meng 2 Schwein hoan allebigd eng gudd Hickicht Férkelen zönter drei Wochen.
Coiffeur: Très bien, Madame,ma ech gesin nach ömmer net,wat ech dobei ka mân.........
Peipampel:Neischt, neischt, alles mat Ro', Här Coiffeur.....Fir wat tröppelt derr ömmer so'? Also dat vun de Férkelen hoan ech mengem Freier och geschriwen,a vu mengen drei Köpp Land, a vu mengem Bösch.....do mân ech dât annert Joer eng Coupe....
Coiffeur: Mä, Joffer, ech kan iech nöt do höllefen......
Peipampel:Dat ass nick niddeg, Här Coiffeur, mèr hoan Holzhäer am Duerf..
Coiffeur: Eh bien, Joffer.....
Peipampel:Dat alles hoan ech mengem Freier geschriw, an hén hoat mèr geäntwert, he wär och net voan der Heck geplickt, hén hott och eng Plätz an der Märrei: am Dingscht vun der öffentlecher Geso'ndhét. Elo hott en nach eng kleng Ustellung a mecht alles zo Fo'ss a sengem Dingscht a mat der Hoand, mais no e puer Me'nt könnt hien an den Autodingscht vun der Müllabfuhr an dann gét et se'er virun.....
Coiffeur: (Stét ewe' op Picken an Där, vun Nervosite't dre'ten seng Stirkrauselen an d'Lucht)
Peipampel:(bekuckt e ganz verwonnert) O,de sche' Krausel. Fir wat sidd dir eso' zabbelich? T'mengt én dèr hätt en Hoar op der Stir. Ja, wat ech wollt verzoalen, mei Frèier huet geschriw, wa mir oawer éns gingen wöllt hien seng sching Aussichten an d'Schanz sche'ssen a mat a mengt Baurewe'sen kommen. Mèr könnten 3-4 Schwein halen an um Enn dem Scho'renshaff Konkurenz mân. Wat mengt dir, Här Coiffeur?....
Coiffeur: Ech hun neischt derge'nt......mais........
Peipampel:T'ass ärt Gleck, Här Coiffeur, well mat mèr ass net gudd Kischten éssen........
Coiffeur: Fir wat kommt dir mir dat alles erzielen? Ech verstin neischt vum Baurewiesen.
Peipampel:Dat glëwt de Papp, esu en hungriche Sto ter Coiffeur soll eppes vum Dorref kennen....
Coiffeur: Merci, Joffer.............
Peipampel:T'ass gär geschitt.----An eise Bre'wen hoa mèr is alles verzallt: oh, dé ka schreiwen,we' en Affekot. Mei le'we Bratzelstäckelchen, hott e geschriwen an dem le'schte Bre'f, ech nennen dech nöt me' Gre'd oder Gre'tchen oder Gritt,we' deng Legt am Dorref, mä Daisy......De'sy, dat ass Märikanesch, Daisy Peipampel.
Coiffeur: Jo, Joffer Daisy....huet en dann och eppes vu mir geschriwen? Soss verstin ech nöt, we' dir u mech kommt.

Peipampel:Nén,dèr woant am nächste bei der Gare, well öm 6 Auer muss ech ferdeg sin, a beim Fîsschen um Knuedler op mei Freier woarden ....ischte Rendez-Vous.....

Coiffeur: Ah, Mademoiselle, enfin!Dir wärt also gär sche' gemacht fir ären e'schte Rendez-Vous? Do losst mech gewärden, ech kenne mech do aus......

Peipampel:Wann dat ging! Oh,nän, Här coiffeur (kromt am Kuerf, hölt e ganz zerlie'sste, brosche'erte Roman a weist dem Coiffeur d'Titelbild um Ömschlag: Die schöne Gutsbesitzerin) Kuckt,Här Coiffeur, dé Roman huet mei Freier mer fir d'lescht geschenkt - mir hun ons ömmer Bicher ausgetauscht - ech hat nach vu menger Gru'ssmamm 35 Hefter vun der "Bettelgräfin" - di hoan ech him all geschickt - dat ass eng schi Geschicht - t'könnt én sich verrauen, soll ech iech se le'nen?......

Coiffeur: O, merci, Joffer, dis sitt ganz charmant.......

Peipampel:Scharmant? Dat stét och hei an der sche'ner Gutsbesitzerin. A well mei Freier geschriw hott, me' e sche'nt Mönsch könnt en sech nöt virstellen,we' dís Joffer ( si klappt op d'Titelbild) sönn ech bei iech kom, datt dèr mech fir eisen ischte Rendez-vous och esou sche' mâ sollt.....

Yvette: (stong schon é Sträppchen hannert der Dir) Ah, ah.

Coiffeur: Mais, certainement, Joffer Peipampel!

Peipampel:Sôt: Joffer De'sy, ech he'eren dat esou gär!

Coiffeur: Eh bien,Joffer De'sy. T'ass nöt ganz delikat fir iech et ze sôn,mais kennt dir ons nei Tarifer?....

Peipampel:Tarifer??? Wat ass dat????

Coiffeur: (hemmst gene'ert) Ons nei Preisser.....

Peipampel:O, Här Coiffeur, fir d'Le'ft ass neischt ze deier. Zwé Fierkel hoa missen dro gläwen, an ech hoan se gudd verkôf.... (verdrémt aus de'wem Härz) Die schöne Gutsbesitzerin......Ech giff nach engt Fierkel dröm.....O Coiffeur,macht ärt Bescht!

Coiffeur: Yvette, mach Wasser fir é Shampoing.

Peipampel:O, der mengt, mein Hâar wär schmotzeg??? Nén, am Hémo'nt bei dém gro'sse Rén, t'ass gefall we' geschott, woar mengt Hâar me' plätschnass we' dèr mer et gengt machen. T'ass alles eraus gelôf, ech konnt et ausdre'nen. Awer Krollen hätt ech gär, Krollen we' Schoafswoll eso' fest.....

Coiffeur: Bien,bien, Joffer Daisy, da kritt dir eng Ondulation gemacht, eng Ondulation Marcelle......

Peipampel:Könnt dir mer keng Ondulation Domenik mân, en hécht Domenik?

Coiffeur: (dreckt dem Yvette én A zo') Bien, parfait, Yvette, dre' schon d'Spötzen an, ech mân der Joffer eng Ondulation Domenik (an der Zeit, dass se Zangen sichen) Wanns du nach émol hart lachs, du Kickelecht, da fle's de. Du verdreiws mir de' gudd Konn.... (zur Joffer Peipampel) Voilà,voilà,Joffer Peipampel - d'Yvette mecht elo den Ufank,den dernier coup de main,gött de fini....

Peipampel:Hott dèr engt Le'ermédchen, engt Fini....Ech hätt le'wer ,dér gengt mech selwer krauselen.....

Coiffeur: Comme Mademoiselle désire.....Je suis à ses ordres........

Peipampel:(röselt de Kapp) T'ass eng schlömm Kränkt,dass der ömmer musst franze'sesch schwätzen. Hott dèr nach neischt derge'nt gemét. Emol en Opschlag mat Fluessensmiel oder eng gudd Purge mat Zönnebläeder?

Coiffeur: O Joffer, wann ech franze'sesch ka schwätzen, da fillen ech mech als Artist,als Könschtler....enfin, en avant....

Yvette: (mecht mat spötze Fangeren de chignon lass a fängt ganz gemitlech un mat engem kalen Eisen d'Hoer eröm an d'Fassong ze brengen)

Peipampel:(bliedert am Bichelchen) Här Coiffeur, hei op der Seit 5 stét der Gutsbesitzerin hirt Gesicht beschriwen (et liest mat Me'viro

Ihre milchweisse Haut schimmerte wie Mandelblüte, wie Heckenröslein glüten ihre zarten Wangen. Die grossen schwarzumringten Augen waren umwölbt von den dunklen, bis an die Schläfen sich windenden Augenbrauen, wie eine tiefdunkle Herzkirsche glühte ihr Lippenpaar, ein neckisches Grübchen spielte im runden Kinn, und wenn sie lächelte, grub sich ein zweites in die linke Wange.

Yvette: (schafft trotz dem Kickelen verstänneg virun un de Krauselen. muenchmol, wann et nöt me' kann vun hémleche Lâchen, botzt et sech d'Nues - all Ke'er sét d'Joffer Peipampel:)

Peipampel: Gesondhét, mei Kand! Wat hues du de Schnapp! Donk dech warm un! Dat jonkt Geschirr hott ower och bal neischt on! Huesen we' Spaweck!

Coiffeur: Joffer Peipampel, kann ech iech ons Crême du Jour recommande'eren: fleur d'amande.....op letzeburgesch: Mandelble'h. Dir permette'ert Joffer, (iwert dem Krauselen reiwt en dem De'sy d'Gesicht mat crème an) Voilà, är Haut ass we' Möllech eso' weiss - nach eng Couche- à la bonne heure, c'est parfait...

Peipampel: T'mengt én, ech wär mat Speck ageriwen....ma t'richt gudd.... richen eso' d'Mandelen?....Eisem Nopeschjong hoan se se eraus geschnidden.....en hat virdrun ömmer Halswe'....

Coiffeur: T'ass eng kleng Differenz........

Yvette: (ne'tscht)

Peipampel: Gesondhét, mei Kand.....Wanns du alt nöt d'Mandelen geschwollen kriss.

Coiffeur: An elo misste mir op d'Crème e bössche Pudder mân: hei ass eng extra gudd Mark: Thoa - Ro. Si ass e bösschen deier, mais si hält gudd op der Crème.....

Peipampel: Ech hoan ech gesôt, fir d'Le'ft ass mer neischt ze deier.

Coiffeur: (puddert d'Joffer gehe'ereg) Elo nach e bössche rose, we' d'Hekkero'se, rechts a lenks.....

Peipampel: An de Pudder, elo gét en eröm eroaf.....

Coiffeur: Ech machen nömmen é soupçon rouge drop.....

Peipampel: E soupçon, ass dat nach eppes neits?

Coiffeur: Mé nén, ma chère dame, dat ass nömmen é bösschen, eng Grimmelchen......

Peipampel: Nu kuckt ant d'Buch: Dat vun den Augenbrauen: ech verstin nöt vill dervun........"schwarzumringte Augen"......

Coiffeur: C'est ça, é bössche schwarze Schied önnert d'Aen, mat der ganz renger Pudderquast - voilà, rechts, lenks, parfait!

Peipampel: Ech gin sche'n! (si kuckt mat plaise'er am Spigel en face)

Coiffeur: An elo d'Augenbrauen! Sourcils, we' mir aner soen..... Är sin e bösschen dönn.....mais, un, deux, (ént, zwé, mam schwarze crayon en decke Strech)

Peipampel: O, me' lang, bis un de Schlof, stét am Buch.

Coiffeur: Mat Plaise'er, Joffer. Vleicht é klenge Krang um Schlof? Voilà, dat mecht richteg gudd op ärem Gesicht.

Yvette: (ne'tscht eröm iwert dem Krauselen)....Gesondhét, etc....

Coiffeur: Wat fir e Rouge hu mir am le'fsten, Joffer Peipampel, cerise, mauve, corail, groseil, cermin????

Peipampel: Fir de Mou'nt? Jo, we' eng Kischt (liest am Buch) Eine tiefdunkle Herzkirsche.

Coiffeur: T'ass schwe'er doraus eng Kischt ze môlen.....är Löpsen sin dön, t'geseit én nöt vill dervun....

Peipampel: O, ech wärt alt Löfferen huan, we' de' âner och! Wa keng do sin, da môlt mer der, et gét mer nöt op 20 Frang un fir e bössche ro't Farw.

D'Madame vum Coiffeur: (rifft an de Salon eran) Emile!

Coiffeur: Ja, Lizzi?

Madame: E Moment, Emile!

Coiffeur: ( am Eck zu senger Fra) Wan dat nach e bösschen dauert, da platzen ech eraus. Dat verdre't ké Mönsch me', ech hu mer schon é Steck Zong erof gebass - ech kann dach nöt ömmer ne'tschen we' d'Yvette.......

Madame: Ech lauschteren schon de' ganz Zeit hei am Eck no, t'ass fir sech ze rullen. Mach, dass awer hir 2 Fierkelen duer gin, fir ze bezuelen.

Peipampel: (huet an dér Zeit sech am Spigel bekuckt, dem Yvette e puer Krauselen gewiesen, de' nach net gudd leien) Huet ären Här eng le'f Madame?

Yvette: O jo, Joffer! T'ass eng ganz chic, si ass eng vun déne beschte Modistinnen aus der Stadt.

Coiffeur: (sprengt eröm eriwer) Sidd der zefridden, Joffer Peipampel? D'Yvette ass gleich ferdeg mat ärer chevelure, da machen ech nach de leschte Pli dran.......

Peipampel: Ma, dir hott d'Keilchen am Könn an am lenke Bâck vergiess.

Coiffeur: Ja, Joffer, do vergét mer eso' guer mei Franzesch. Ech kan iech dach keng Keilchen mân, wo' keng ass......We' sengt schon den Dicks: "Mais eng Keilchen, de' falsch ass,
Wien huet de' jé gesin?!!!!!"

Peipampel: (an enger Fréd) Dat ass le'f, könnt dir dat ganz? O sangt et a macht mer ower eng falsch Keilchen an de Könn, an eng an de Bâck!

Yvette: Patron, e bössche Schied öm é schwarze Punkt.

Coiffeur: (mecht op de Könn an op de lenke Bâck en decke, schwarze Punkt, verreiwt d'Conturen e bösdchen a sengt):
" Mei Schatz huet eng Keilchen, eng Keilchen am Könn,
An ech ka kengem sôn, we' ech dra gefall sön......."

Peipampel: Dat ass le'f; Hott dir dat Lidd gemat, Här Coiffeur? Hott är Madame eng richteg Keilchen am Könn?

Coiffeur: Nén, t'ass é gewössen Dicks, dén et gemach huet, mengen ech.

Peipampel: Ah, hei niewent, aus der Dicksstrôss? Ass et och é flotte, jonge Coiffeur?

Coiffeur: Nén, t'ass én éleren Här mat engem Spötzbart.

Peipampel: Wat eng Welt! wat eng Welt. An dé sengt nach vun enger Keilchen am Könn, an e könnt vleicht scho Gro'sspapp sönn.

Yvette : (ne'tscht eröm)

Peipampel: Jo, Här Coiffeur! Elo sin ech sche'n am Gesicht. Ech gefale mer. Wat wärt mei Freier kucken! Ech kann ower meng Krollen net mat dém Duch verstoppen...O, o, eng Iddi! Är Madame ass jo Modiste, hutt dir gesôt. Kuckt hei um Bild: (et mecht de Fanger nâss a sicht) Seite 5, 6 ???? Hei ass et! Ein fesches Tirolerhütchen zierte die blonden Locken der schönen Gutsherrin, der Gamsbart wippte bei jedem ihrer leichten Schritte.....Dat félt mer nach, Här Figaro (weist op d'Fönster) ass dat äre Familjennumm?

Coiffeur: ( wenkt of a ka bal nöt me' seriös bleiwen - e rifft an de Modistesalon) Lizzi, wölls de bis era kommen?

Madame: (könnt eran, gött der Joffer fröndlech d'Hand a frét): Huet dir irgend é Wonsch, Joffer?

Peipampel: Madame, hoat dir vleicht Tyrolerhîtercher, we' hei um Bild?

Madame: Gewöss, Joffer, grenger a bloer a ro'der.

Peipampel: Vleicht é grengen?

Yvette : (ne'tscht) Peipampel rifft: Gesondhét.....

Madame: (könnt no enger Minutt mat epuer Tyrolerhitтercher eran)

Peipampel: (greift an enger Fréd no dém klengsten an dreckt e sech lenks op d'Krauselen fir an d'Stir) Oh, oh! .... do félt jo de Gamsbart, a we' kann dén da wippen, wann kén drop ass?

Madame: Ja, dét mer léd, mais ech hun nömmen Fiederen, Blumen a Fletschen a mengem Salon, é Gamsbart kann ech iech wirklech nöt liweren....

Yvette: (ste'sst hémlech de Patron un,weist mat den Aen op d'Gestell un der Mauer,wo' d'Bartbîschten stin. De Patron verstét direkt a sét)

Coiffeur: Lizzi, du vergöss, dass ech dén Artikel me' fir d'Hären hâlen. Joffer Peipampel, wöllt dir iech é vun döse Gamsbärt eraussichen: extra fest an engem hölzene Stil sötzen, so dass de Wand se nöt vun ené kann reissen.

Peipampel: O, wat eng Chance! Gedèrt, Madame! Dèr bitzt mèr gleich de Gambboart, dé gro'ssen hei, önnert de Band. Mais, nött ze fest datt en nach wippt,an ne't mer gleich zwe'n lang greng samette Bännercher drun,datt ech kann den Hutt önnert dem Könn festbannen.

Madame: Mat Plaise'er, Joffer Peipampel! Braucht der soss neischt aus mengem Salon?

Peipampel: Jo, mei Kaseweck ass e bössche weit. D'Gutsbesitzerin hat um Bild och eng Ceinture op hirer Jackett, dèr könnt ech och eng brauchen. Et stét och op dèr Seit 7 (et bliedert am Buch ) "Ein grüner Wildledergürtel umschloss ihre Wespentaille."

Madame: En Ament,Joffer, d'Le'ermédchen ne't iech gleich de Gamsbart un an de' zwo Brieden. An dèr Zeit brengen ech iech é Choix vun Ceinturen (d'Yvette range'ert un den Zangen, de Coiffeur mecht de' lescht Ondulation. Op émol geseit d'Joffer Peipampel dem Yvette seng lacke'ert Nél a sét):

Peipampel: Oh Jöfferchen,huet dir eng Krankhét un den Nél? Mèr woar eng Ke'er én ausgang, de' woar ganz blo gin, an du giel, ower är sin all ro'd!

Coiffeur: Joffer, dat ass de leschte Mo'd.

Peipampel: Ma dat ass fein,meng Nél si wuel ganz kleng a stuppech, we' ech nach kleng woar,hun ech se ömmer oafgeknât, ma ro'd können sè dach gin.

Coiffeur: (dreckt dem Yvette en A zo', an e fänkt un, d'Nél mat Lack ze bearbechten. D'Joffer Peipampel ass ganz fro' a bewonnert hir Nélstömpercher)

Madame: (könnt eran mat 5-6 Ceinturen an alle Farwen) Ech wés nöt,op ech eng Ceinture hun, de' gro'ss genug ass!

Peipampel: (ganz belédegt) Ech wärd alt eng Taille hun, we' de' aner Jofferen. Ärem Här si meng Löfferen ze dönn an iech mein Ömfank ze deck.

Yvette: (ne'tscht eröm eng Ke'er)

Madame: (mosst er eng gro'ss greng Ceinture un, si ass 2 Hänn brét ze kurz)

Coiffeur: Dat ass neischt, t'si jo 2 greng Ceinturen do, mir setzen der 2 unenén, dat ass gleich geschitt.

Madame: E Moment Gedolt.

Peipampel: Am Buch stét ömmer vun dém "süssen Duft, der die schlanke Gestalt umwehte" - Här Coiffeur,könnt dèr mèr vleicht é Parfum verkôfen, dén zo mèr passt?

Yvette: (sét lues) Elefantenduft ( an ne'tscht)

Coiffeur: Gewöss, Joffer Peipampel, mat Plaise'er! Wat kann ech iech offere'eren: Rose, Héliotrop, Jasmin, Violette de Parme,Lys, Muguet, Chèvre-feuille, Chypre,Origan,Quelques fleurs, Soir de Paris, Une Femme Passa, Avril, Nuit de Paris oder vleicht en extra gudden Eau de Cologne, Coty oder Marie Farina oder 47II oder Roubigant extra fin?????

Peipampel: Ech hoan am le'wsten voan alle Blumen d'Veilercher (Et fâlt d'Hänn um Bauch, et stellt d'Fe'ss mat de Spötze zu'enén , a kuckt ge'nt Himmel a baluckt derbei,an et sengt eso' falsch ewe' me'glech mat ganz villen Trilleren:

"Veilchen mir zu Füssen
Lass dich herzlich grüssen
Blühst so still und rein....."

Coiffeur: Dé Parfum hei ass ganz deier, Joffer Peipampel, soll ech iech vleicht eng ganz kleng Fläsch gin?
Peipampel: Nén, nén, ech brauch es vill, soss rîcht én et nöt. Macht mèr de' gro'ss gleich op.
Coiffeur: Dir könnt vleicht e puer Dröpsen op d'Oerläppercher machen, Joffer Peipampel, dé Parfum ass ganz violent.
Peipampel: Violette oder violent, t'ass mèr éndunn, ech schidde mèr eng gudd Partie op meng Jackett, da richt et och.
Yvette: (ne'tscht)
Peipampel: A wann én eso' guer de Schnapp hätt, we' d'Joffer.
Coiffeur: Stét soss neischt an ärem Buch, Joffer, vun der Gutsbesitzerin?
Peipampel: O, hei op der zwétleschter Seit, ir se sech de Verlobungskuss gin, stét e sche'ne Sâtz: "Als sie den Geliebten ihres Herzens erblickte, schwebte sie über die blumige Wiese gleich einem Schmetterling ihm entgegen und reichte ihm die vor Freude zitternde Hand. O, Adalbert, hauchte sie."
Coiffeur: Do kann ech iech ower nött hölefen, Joffer, dat muss der eleng probe'eren.
Peipampel: (ganz schimmeg) Ech kann nött "schweben"
Coiffeur: Dat ass dat mannst. Joffer Peipampel, ech gin owes e Cours de Danse, an ech hu scho me' schwe'erer a me' steiwer un d' Schwiewe kritt.
Peipampel: (fâlt d'Hänn a biedelt) O, Här Figaro, le'ert mech elo direckt schwiewen, a wann et mech nach é Fierkel kascht.
Coiffeur: (tröppelt ganz graziös op se duer) Dajé, ech gin iech eng Leçon de danse privée, well dir et sitt. (en hieft seng recht Hand mat hirer lenker a sét) Nu mâcht gené we' ech, Joffer Peipampel, stellt iech op d'Fo'sspötzen.
(D'Joffer Peipampel mecht hiert Bescht, mais si huet all Me' an hiren dekke Schong fir d'Gleichgewîcht ze behâlen)
Coiffeur: T'ass schued, datt dir keng me' licht Schengelcher huet, Joffer Peipampel, eso' ass et schwe'er.
Peipampel: Licht Schengelcher! Mei le'wen Här Figaro, wann dèr eso' plattfe'sseg wärt, ewe' ech, dann hätt dèr och de'ser Galoschen.
Coiffeur: Et gét ower! Op d'Fosspötzen, de lenke Fo'ss vir, de rechte kurz nô......voilà le pas de valse - gauche, droite, gauche, droite, rechts, lenks, rechts, lenks, rechts, lenks, un, deux, trois, tournez....
Yvette: (rifft) Rondröm.
Coiffeur: (wöllt d'Joffer Peipampel öm Taille greifen, e kritt se nött gepackt)
Peipampel: O, nén, dat gét nick. Ech wöll nick danzen, ech wöll nömmen schweben, ech kre'en zevill de Schwemmel.
Coiffeur: Très bien, Joffer, da schwebe mir alt nach e bösschen. (se mân drei, ve'er mol den Tour vun der Bühn, d'Yvette peift derno eng flott Walzerweis)
Madame: (kënnt iwerdém eran mat dem Tyrolerhîtchen a mat der Ceinture, si kuckt dénen zwé verwonnert nô a fängt un hârt ze lachen)
Coiffeur: (wenkt mat der Hand a sét) Ro'eg Lizzi, mir schweben. (Si mân nach e puer Schrött. E puer Mol leit d'Joffer Peipampel bal op der Nues, mais si erkrabbelt sech mach ömmer zur Zeit)
Madame: Emile, hei sin der Joffer hir Sachen. T'ass fir 390 Frang o'ni de Gamsbart.
Peipampel: Do ass é Fierkel fort! (D'Coiffeuse môsst den Hut op a bönnt d'Sammetbänn önner dem Könn fest) E sötzt gudd fest um Kapp! De Gamsbart ass dach é richtegen, well en ass famous schwe'er. Elo nach d'Ceinture! Ma si gät jo gudd zo'! A wat sin ech iech elo schölleg, Här Figaro?
Coiffeur: (huet sei Blad schons prett) Alles zesummen mecht et bei mir 410 Frang

Peipampel:O, Domenik, bass du 2 Fierkel wert? (bekuckt sech vun alle Seiten am Spigel) - T'ass égal, ech gefâle mèr, an dé misst schon é korje'ssen Iddi hoan, dé mech nik sche'n fanne geng. (ze't de Portemonnaie a zielt mat vill Ustrengong a lues hir 8 blô Scheiner op d'The'k) - Ass et scho spe't? Öm 6 Auer muss ech beim Fîsschen um Knuedler sin!

Yvette: (rifft) Patron, dobausse könnt de Cornemuse mat der Bonbonnière. Soll ech him d'Cartoen ausdroen?

Peipampel:(stét ganz entgéschtert do a frét)Den Här Cornemuse, mais dat ass e jo (iwerdém mecht de Cornemuse d'Butiksdir op an d'Joffer Peipampel schwiewt em entge'nt)

Yvette: (rifft) Un, deux, trois.....

Cornemuse:(stét steiw an der Dir a kuckt vun engem zum aneren. De Coiffeur a seng Fra re'eren keng Oder an d'Joffer Peipampel schwieft me' nô bei de Cornemus a brét d'Arm aus)

Peipampel:O, Domenik!

Cornemuse:(trött é Schreck zreck,ganz erschreckt) O, Merri, mei Leif a meng siwe Seiten,wat ass hei lass?

Peipampel:(stét scho bei em a rifft nach eng Ke'er ganz zärtlech an onglecklech) O Cornemuse,kennst du mech dann nött? Ech sin jo dein De'sy. (et schwieft nach eng Ke'er op en dur, den arme Cornemuse ze't sech hannerecks zereck op d'Dir lass - e reisst se op, mat engem Satz ass en dobaussen)

Cornemuse:Hâl se un,Patron, bis ech öm den Eck sin!!!!

Yvette: An hien un,léfs de nöt, dann höllt en dech!

Peipampel:(le'sst sech an é Fotell falen a schle't d'Hänn vrun d'Gesicht O, ech alt domm Bötschel! T'ass mer gudd, dat woar keng 2 Fierkel wert. O Gre't, du bass nött sche'n,me' domm!!!!

t'kreischt a verreiwt sech d'Farw all am Gesicht.....

------------------R I D O------------------

Lidd

Dir Frae brengt nun all erbei
Drécksémren - Eschebidden
De Cornemuse an d'Pampelsgre't
Hun sëch net lang gestridden
Well hat huet hien dach nach erwöscht
Mat senger staatsbekannter Köscht
Lo fiert de Komper seng Commère
Stolz op der Bonbonnière.